

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, de 17. Abrëll 2020

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest,

- datt d'Landwirtschaft staark vun der Corona-Pandemie getraff gouf,
- datt kaum ee Bauer d'Ënnerstëtzung vu 5000 Euro kritt huet,
- datt d'Bauern, wat d'Mëllech- an d'Fleeschpräisser uginn, staark ënner Drock stinn,
- datt d'Bauern an d'Wënzer an enger alarmanter Situatioun sinn, well d'Aiden, déi si am Kader vun der Corona-Kris kréien, Hëllefseleeschunge sinn, déi d'Bauere souwisou zegutt hunn,
- datt Lëtzebuerg am Fall vun enger Kris – esou wéi et sech an där aktueller Corona-Pandemie leider weist – net déi néideg Autarkie am landwirtschaftleche Beräich huet, fir kënnen ouni Hëllef vu baussen d'Bevëlkerung mat genuch héichwäertege Liewensmëttel ze versueren.

ass sech bewosst,

- datt eis Baueren a Wënzer nieft deenen decidéierte Mesuren, zousätzlech Hëllef brauchen, fir kënnen weider ze funktionéieren,
- datt eis Baueren den Haapt-Ernärer vun der Natioun sinn,
- datt et essentiell ass, datt Lëtzebuerg am Fall vun enger akuter Kris, wou d'Versuerungsweeër mat Liewensmëttel aus dem Ausland géifen zesummebriechen, seng Bevëlkerung weiderhi ka mat genuch an héichwäertege Liewensmëttel versueren,
- datt d'Bio-Landwirtschaft manner héich Ertrag liwwere kann, ewéi déi konventionell Landwirtschaft.

fuerdert d'Regierung op,

- de betroffenen Acteuren aus dem landwirtschaftleche Beräich nieft deenen decidéierte Mesuren zousätzlech Hëllef séier an onkomplizéiert zoukommen ze loossen
- sech no der Corona-Kris mat de betroffenen Acteuren aus dem landwirtschaftleche Beräich ze beroden, fir déi néideg Léieren aus dëser Pandemie ze zéien,
- net, wéi am Koalitiounsaccord festgehalten, op den ideologesche Wee ze goen, fir an Zukunft d'Bauern ëmmer méi ze forcéieren, fir hire Betrib op Bio ëmzestellen, mee fir de Baueren e wierkleche Choix ze loosse wéi si hire Betrib wëlle féieren a wat si wëllen ubauen,

- sech kloer zu der konventioneller Landwirtschaft ze bekennen, déi d'Versuergung vum Land mat héichwäertege Liewensmëttel sécherstellt,
- e Masterplang op d'Been ze stellen, deen all néideg Mesuren definéiert, fir eis Baueren an der Produktioun vun héichwäertege Liewensmëttel ze ënnerstëtzen, fir datt Lëtzebuerg, wat d'Ernierung ugeet, méiglechst autark funktionéiere kann.

Jeff Engelen

Deputéierten